

dass soll e Fong fir d'Gemenge geschaaft ginn, mä mir konnten awer net domat averstane sinn, dass domat de Fong vum Stroossebau soll gekierzt ginn.

M. le Président.- Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert dee virleiende Projet de loi, esou wéi e vun der Kommissioun an duerch de Rapporteur, den Här Weiler, hei virgedroen ginn ass.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi 4826 ass mat 34 Stëmme géint 26 ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par Mme Nelly Stein), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Norbert Hauptert), Lucien Weiler et Claude Wiseler.

Mme Simone Beissel (par M. Marco Schroell), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Emile Calmes), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer (par M. Claude Meisch) et Théo Stendebach (par M. Alexandre Krieps).

Ont voté non: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen.

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir stëmme elo of iwwert d'Motioun 1 vum Här Gast Gibéryen.

Vote

Déi fir d'Motioun 1 si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass mat 34 Stëmme géint 26 verworf.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme

Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen.

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

M. Aloyse Bisdorff.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Ady Jung), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Nelly Stein), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Norbert Hauptert), Lucien Weiler et Claude Wiseler.

Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Emile Calmes), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer (par M. Jeannot Belling) et Théo Stendebach (par M. Paul Helminger).

Mir kommen elo zum Projet de loi 4785, e Protokoll iwwert d'Bekämpfung vun der Geldfälschung.

Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Klein, Bettel, Henckes a Bisdorff.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Patrick Santer.

5. Projet de loi 4785 portant

1. approbation de la Convention internationale pour la répression du faux-monnayage ainsi que du Protocole y relatif, signés à Genève en date du 20 avril 1929;

2. modification de certaines dispositions du code pénal et du code d'instruction criminelle

Rapport de la Commission juridique

M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 1. Januar 2002 ginn d'Eurobilljeeën an d'Euromünzen an zwielef Länner aus der Europäescher Unioun offiziell an Ëmlaf bruecht.

Vum 28. Februar 2002 un ersetzt den Euro definitiv de Lëtzebuerger Frang als Währungsunitéit. De Passage zum Euro bréngt eng Partie Risiko mat sech, an dat um Niveau vun der Kriminalitéit: D'Wäisswäsche vu Suen, Infraktiounen mat Gewaltuwendung asw.

Mä eng bestëmmte Kategorie vu Verbräucher wäert eis haut beschäftegen, an zwar de Faux-monnayage.

D'Risiko vum Faux-monnayage als Konsequenz vun der Aféierung vum Euro bestinn net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä et gëtt se och an deenen aneren eelef Länner, wou den Euro agefouert gëtt. Fir dës Risiken ze limitéieren, sinn esouwuel op europäeschem wéi och op nationalem Plang Mesurë geholl ginn. Dës Mesuren hunn e preventiven a repressiven Charakter.

De Schutz vum Euro betrëfft d'Europäesch Unioun als Ganzt. Dese Schutz kann net optimal assuréiert ginn, wann déi eenzel Memberstaaten individuell an onkoordinéiert handeln. Déi europäesch Institutiounen hunn eng ganz Rei vun Initiative geholl, déi d'Memberstaaten an deem Beräich orientéieren a guidéieren sollen.

Éischtens kann een d'Décision-cadre vum 1. Mee 2000 opféieren, déi vum Conseil Justice et Affaires intérieures adoptéiert ginn ass. Hiren Objet ass e verstärkte Schutz vum Euro géint d'Falschgeld, an dat haaptsächlech duerch stroferechtlech Sanktiounen.

Den zweete wichtegen Text ass d'Reglement 1338/2001 vum 28. Juni 2001. Dësen Text applizéiert sech net nëmmen an den Euro-Memberlänner, mä och a Schweden, Dänemark an England. Weiderhin ass dat Règlement applicabel, ouni d'nationaalt Stroferecht unzetaaschten. Dësen Text begräift dräi Voleten:

Et ass éischtens d'Kollekt, den Accès an d'Weiderleede vun techneschen a statisteschen Donnéeën am Beräich vum Falschgeld.

Zweetens ginn d'Obligatiounen an d'Sanktiounen vun de Finanzinstituter präziséiert.

De leschte Volet betrëfft d'Zesummenaarbecht tëschent den nationalen an europäeschen Autoritéiten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4785 iwwert de Faux-monnayage, deen der Chamber haut zum Vote virläit, incorporéiert dës zwee Texter an eis Gesetzgebung.

Éischtens soll duerch de Gesetzesprojet déi international Konventioun an de Protokoll iwwert d'Repressioun vum Faux-monnayage, déi den 20. Abrëll 1929 zu Genf ënnerschriwwen gi sinn, approvéiert ginn. D'Décision-cadre vum 29. Mee 2000 huet déi europäesch Länner, déi dës zwou Konventiounen nach net ratifizéiert hunn a vläicht och vergiess hunn – dat heescht, Lëtzebuerg a Schweden – opgefuerdert, dat ze maachen.

Bis elo hu mer net brauchen déi Konventioun ze ratifizéieren. D'Bestëmmungen vum Code pénal si gutt duergaangen, fir déi ganz seele Fäll vu Faux-monnayage zu Lëtzebuerg ze bestrofen.

Den zweete Volet vum Gesetzesprojet betrëfft verschidde Modifikatiounen vum Code pénal. Dobäi kënnt nach eng Ofännerung vum Code d'instruction criminelle, déi d'Kompetenz vun de Lëtzebuerger

Gerichter bei Infraktiounen, déi am Ausland begaange si ginn, betreffen.

Här President, ech wëll net an den Detail vun deem ganz laangen Text agoen. Ech wëll just e puer Punkten eraussträichen.

De Procureur général d'Etat ass als Office central am Kader vun der Genfer Konventioun désignéiert ginn. Aner national Autoritéite kënnen och Missiounen an dësem Beräich iwwerhuelen. Et ass awer de Procureur général d'Etat, deen déi genau Modalitéiten a senger Funktioun als Office central festleet.

Et kënnt een eis virwerfen, nees eng Kéier dem Procureur général d'Etat eng zousätzlech Aufgab opzëerleeën. Ech wëll awer hei soen, dass deen heitege Projet am Virfeld mam Procureur général d'Etat ofgeschwat gouf an dass d'Zentralisatioun vun den internationale Funktiounen op de Kapp vun enger Institutioun eng rationell Approche ass, déi fir Klarheet suergt.

Den zwete Volet betrëfft d'Ofännerungen vu verschiddenen Artikelen am Code pénal an am Code d'instruction criminelle. Den Objektiv ass d'Stofverfolgung an d'Repressioun vum Falschgeld, ausens large an ënner all senger Facetten ze erméiglechen. Dat ass eng relativ technesch a komplex, mä noutwendeg Matière.

Um Niveau vun deene verschiddenen Infraktiounen feelt mer d'Zäit, fir op de leschten Detail anzegoen. D'Iddi ass, fir eng méiglechst breet gefächert Palette vun Handlungen, déi e Lien mam Faux-monnayage hunn, ënner Strof ze stellen a fir verschidden Artikelen vum Code pénal ze moderniséieren.

Ech wëll zwee Punkten ervirhiewen. De Rescht kënnt Der jo, wann Der Loscht hutt, a mengem schrëftleche Rapport nolliesen.

Den éischten, méi symbolesche Punkt ass, dass den Ënnerschied tëschent Goldmünzen an anere Münzen bei der Fälschung verschwënnt. Ënnert dem heitege System gëtt d'Fälschung vu Goldmünzen als Crime ugesinn an d'Fälschung vun deenen anere Münzen als Delikt bestrooft. An da gëtt nach en Ënnerschied gemaach tëschent Fälschung an Alteratioun. Dës zwee Ënnerscheeder falen elo ewech.

D'Fälschung an d'Alteratioun vun de Münzen an d'Fälschung an d'Alteratioun vun de Geldschäiner ginn an deene selwechten Termen bestrooft, och wann d'Strofe bei de Schäiner méi héich leien, wat op de Facewäert vun de Schäiner zrëckzeféieren ass.

Den zweete Punkt bezitt sech op d'Aféierung vum Euro. De Lëtzebuerger Frang huet haut scho kee Cours légal méi. Vum 28. Februar 2002 u kann en zwar net méi benotzt ginn, e kann awer nach an Euro ëmgetoscht ginn. Wat geschitt dann, wann ee gefälschte Lëtzebuerger Frang op eng Bank bréngt, fir Euro ze kréien? No den heitege Bestëmmungen ass de

Lëtzebuerger Frang kee „Geld“ méi, keng Monnaie méi, a kann esou net ënnert de Faux-monnayage falen. Et kann een natierlech op aner Dispositiounen zréckgräifen, wéi den Artikel 184 vum Code pénal, deen och hei geännert gëtt, deen d'Fälschung vu Statsinsigné bestrooft. Mä dat féiert zu enger Rechtsonsécherheet.

Et kann een och op d'Artikelen 498 a 499 vum Code pénal zréckgräifen, déi op d'„tromperie sur la quantité et la qualité de la chose vendue“ zréckféieren. Dofir ass den Artikel 163 nei geschriwwen ginn. D'Fälschung oder d'Alteratioun vu Schäiner oder Mënzen, déi kee Cours légal méi hunn, mä déi nach a Schäiner oder Mënzen, déi Cours légal hunn, ëmgetosch kënnen ginn, gëtt expressis verbis bestrooft.

Wéi ginn d'Infraktiounen, déi am Kader vun de Banken an anere Finanzinstituter begaange gi sinn, bestrooft?

Wat geschitt, wann an enger Bank wëssentlech Falschgeld ugeholl an net aus dem Verkéier geholl ginn ass. Dat ass eng Bestëmmung, déi am Règlement 1338, 2001 steet.

Am Lëtzebuerger Strofrecht gëtt et e fundamentale Prinzip vun der Irresponsabilité pénale vun de personnes morales, dat heescht, Personnes morales sinn um strofrechtleche Plang net responsabel, géint si ka keng Strof ausgesprach ginn. D'Gerichter kucken also in concreto do wat fir eng physisch Persoun d'Infraktioun begaangen huet, an et ass déi physisch Persoun, déi bestrooft gëtt.

D'Europäesch Zentralbank hat an hirem Avis de Wonsch ausgedréckt, fir am Kader vum Faux-monnayage eng Responsabilité pénale des personnes morales, besonnesch am Beräich vun de Banken a Finanzinstituter, ze schafen.

D'Commission juridique war awer der Meenung, datt esou ee System, dee sech exklusiv op de Faux-monnayage bezitt, am Moment net opportun wier. De Grond dofir läit an de prozedurale Schwierigkeeten, déi wäerten opkommen. Dofir huet d'Kommissioun decidéiert, datt déi physisch Persoun an deenen Etablissementen, dat heescht d'Dirigeanten an d'Employéen, strofrechtlech responsabel sinn an engem analoge System, wéi dat bei der Violatioun vum Secret bancaire de Fall ass. An hei gëtt et keng Responsabilité pénale sans faute, dat heescht et muss een ëmmer in concreto kucken, wee wëssentlech Falschgeld net aus dem Verkéier gezunn huet.

An engem méi generelle Kontext ass awer d'Kommissioun favorabel, fir eng strofrechtlech Verantwortung vun de Personnes morales ze diskutéieren. Esou e System däerf sech awer net nëmmen op de Faux-monnayage beschränken, mä e muss sech och op aner Infraktiounen applizéieren. Am Moment sinn am Justizministère Viraarbechte vun esou engem Mechanismus amgaang, an ech begreifen ausdrécklech dës Initiativ.

Ech wëllt elo ganz kuerz op d'Aarbechten agoen, déi am Kader vun dësem Gesetzesprojet geleescht gi sinn. D'Regierung huet de Projet de 27. Mäerz 2001 an der Chamber déposéiert. De Statsrot huet säin Avis den 29. Mee 2001 agereecht, déi Europäesch Zentralbank hiren Avis den 28. Juni 2001. D'Commission juridique huet sech a véier laange Sëtzunge mam Projet ausernee gesat an huet de 5. Dezember 18 Amendementen adoptéiert. De Statsrot huet säin Avis complémentaire den 11. Dezember adoptéiert. E war am Prinzip d'accord mat den Amendementen an huet och awer nach e puer textuell Ofännerunge proposéiert. An enger Sëtzung vum 12. Dezember huet d'Kommissioun dem Statsrot seng Propositionen ugeholl an de Rapport adoptéiert.

Am Numm vun der Kommissioun wëll ech dem Statsrot merci soe fir seng ganz séier a grëndlech Aarbecht, wat et eis erlaabt, haut de Projet ze stëmmen, deen aus l'icht erkläerleche Grënn den 1. Januar 2002 a Kraaft triede muss.

Ofschléissend wëll ech soen, datt mir mat dësem Projet eng modern an effikass Législatioun kréien. Dofir hoffen ech, datt en eng breet Zoustëmmung an dësem Haus wäert kréien.

Am Numm vu menger Fraktioun ginn ech och den Accord zu dësem Projet an ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Den Här Klein huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Jean-Pierre Klein (LSAP)- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem Rapporteur merci fir seng Rapporten, souwuel dee schrëftleche wéi dee mëndlechen.

D'Aféierung vum Euro an zwielef Länner vun der Europäescher Unioun vum 1. Januar 2002 un huet d'Geleeënheet ginn an Drock gemaach, fir datt al Bestëmmunge vun eise Code Pénal ofgeschaaft oder geännert ginn, fir se un déi heiteg kriminell an deliktuell Situatiounen a Begebenheeten unzepassen.

Et handelt sech ëm Crimen an Delikter, déi de Code Pénal Delikter a Crimë géint d'Foi publique nennt. All dës Infractiounen vun deene wichtegste vum Code Pénal gi begaangen duerch d'Entstellung vun der Wierklechkeet. D'Verstellung vun der Wierklechkeet u sech fällt net an de Beräich vum Strofgesetz. D'Alteratioun vun der Wierklechkeet ass ewéi d'Violenz e Mëttel fir der kommen ze loosse, déi strofbar sinn, well se Persounen, sief et eenzel oder kollektiv, schiedegen oder schiedege kënnen, sief et an hire Gidder oder an hirer Eier oder esouguer an hirer Existenz oder hirer Fräiheet. E frappant Beispill ass dat vum falschen Eed.

An eisem Projet de loi, dee mer haut hei ze behandelen hunn, geet et nieft aneren Incriminatioune ganz besonnesch ëm d'Geldfälschung, déi vum 1. Januar un un enger eenheetlecher Mënz ka begaange ginn, déi am Raum vun zwielef Länner vun der EU zirkuléiert. Et geet bei dësem Projet de loi speziell ëm den Euro, mä net nëmmen ëm den Euro, et geet och ëm aner auslännesch Währungen, déi ee Cours légal hunn an Titeren, Stempelen, Timberen an aner Objeten, déi eng bestëmmte Valeur oder Bedeitung hunn. Et geet drëm fir déi ze bestrofen, déi sech wëllen onrechtméisseg beräicheren, an déi guttgleeweg Leit ze schützen virun de Folge vun esou kriminellen an deliktuellen Absichten.

Nieft deene materielle Moyenen, fir dës Protektioun ze garantéieren an den Infractionen virzebeugen an ze bestrofen, ginn et déi juristesche, an dorënner endlech d'Aféierung an eist Recht vun der internationaler Konventioun vum 20. Abrëll 1929, d'Konventioun vu Genève iwwert d'Bestrofung vun der Geldfälschung engersäits an anersäits d'Ofännerung vun eisem Code Pénal a vum Code d'Instruction Criminelle.

D'Konventioun vun 1929, déi mir als lescht Land aus der EU approvouéieren, schwätzt iwwert d'Bestëmmungen, déi deemools schonn deelweis an eisem Code Pénal ageschriwwen waren. Si seet awer och, datt keng Differenz ze maachen ass um Plang vun de Sanktiounen, ob et sech ëm d'Infractionen un enger nationaler oder un enger friemer Mënz handelt, déi Cours légal huet.

Dës Dispositioun, déi net der Regel vun der duebler Incriminatioun kann ënnerworfen ginn, gëtt iwwert de Wee vun deem virleiende Projet de loi an eise Code Pénal iwwerholl. Et ginn och Regeln opgestallt iwwert déi, déi op dësem Plang an engem anere Land gesëndegt hunn a sech an hirem Land befannen, dat hir Landsleit net ausliewert. Déi mussen dann an hirem Land bestrooft ginn.

An all Land, dat d'Konventioun ratifizéiert huet, mussen d'Recherchen, wat de Faux-monnayage ubelaangt, vun engem „office central“ organiséiert ginn, dat am Respekt vun der nationaler Législatioun. D'Fro huet sech direkt gestallt: Wien ass deen Office central hei zu Lëtzebuerg? D'Äntwert op dës Fro ass am Artikel 2 vun dësem Projet de loi ginn: Duerzou ass speziell de Procureur Général d'Etat désignéiert ginn. D'Artikelen 12 bis 16 vun der Konventioun ginn dem Office central, dem Procureur Général d'Etat vill Befugnisser an eng grouss Verantwortung, déi vill anerer net géingen oder net wëllten iwwerhuelen.

Den Office central muss an enkem Kontakt sinn:

- mat den Organismen, déi d'Mënnen erausginn;
- mat den inlännesche Polizeiautoritéiten;
- mat sengen auslänneschen Homologen.

E muss alles an d'Wee leeden a Renseignementer anhuele fir d'Recherchen, d'Preventioun an d'Bestrofung vum Faux-monnayage ze erliichten. Fir

eng gutt an effikass Aarbecht ze leeschten, mussen d'Offices centraux aus deene verschiddene Länner direkt matenee korrespondéieren. Dat ass haut nach méi richteg ewéi 1929, besonnesch an der Bekämpfung vun der internationaler organisierter Kriminalitéit, dat op engem Plang, deen eis haut hei beschäftigt.

Et gëtt och gesot, wéi dës Organer mussen d'Mënnen, déi annulléiert sinn, échangéieren, jee all méiglech Echange vun techneschen a juristesche Renseignements an Informatiounen musse stattfannen. Konferenzen si vun Zäit zu Zäit ofzehalen, d'Commissions Rogatoirë sinn an dësem Beräich speziell ze organiséieren.

Dat ganz bréngt e ganze Pak vun zousätzlechen Aarbecht fir den Office central, de Procureur Général d'Etat, deen an de leschte Joren, besonnesch an de leschten zwéi Joer, vill Missiounen a vill Verantwortung scho bäikritt huet, nieft sengen normalen an traditionellen Aufgaben. Wéi zum Beispill:

- d'Gesetz vum 15. Januar 2001, d'Approbatoun vun der OCDE-Konventioun iwwert d'Bekämpfung géint d'Korruptioun vun öffentlechen Agenten asw., wou de Procureur Général sech muss mat den Demandes d'entraide beschäftegen;

- d'Gesetz vum 14. Juni 2001, d'Approbatoun vun der Konventioun vum Europarat iwwert de Blanchiment, an deem de Procureur Général d'Etat „autorité centrale“ bestëmmt ginn ass. Och an dësem Fall muss e sech mat den Demandes d'entraide beschäftegen, besonnesch wat d'Antrag op d'Konfiskatioun an Ermëttlung ubelaangt;

- nei an zousätzlech Aufgabe fir de Procureur Général d'Etat am Kader vum Gesetz vum 8. August 2000 iwwert d'Entraide judiciaire internationale am Strofbereich.

Dës Institutioun, Procureur Général d'Etat, wichtegst Perséinlechkeet an eisem Strofwiesen, kritt also ëmmer méi Kompetenzen a Verantwortung a vill méi Aarbecht.

Eng Fro, déi sech stellt: Gëtt och dru geduecht op déi Persoun, där kee wëllt a kengem Moment hir Fäegkeeten ofspriechen, am Géigendeel, mat genügend Leit a Material entouréiert ass, fir hirer Missioun gerecht ze ginn? Duerfir misst scho gesuergt ginn, dass de Parquet Général net mat Aarbecht iwwerluede gëtt, fir besonnesch op dësem Plang eng effikass Aarbecht ze leeschten, an dass déi normal traditionell Aarbecht net zum Kierzte kënnt. Am Kader vum pluriannuelle Recrutement vum Personal fir eis Gerichter misst dës bedeitender Situatioun vum Parquet Général Rechnung gedroe ginn.

Wat d'Ofännerung vum Code Pénal a vum Code d'Instruction Criminelle ubelaangt, do ass, wéi gesot, der Konventioun vun 1929, der Décision-cadre vum 29. Mee 2000, Rechnung gedroe ginn.

Als juristescht Mëttel, fir den Euro géint de Faux-monnyage ze schützen, hu mer jo och den CE-Reglement 1338/2001 vum Conseil vum 28. Juni 2001.

Am Zesummenhank mat dem Faux-monnyage soll den Artikel 64-1 am Gesetz vum 5. Abrëll 1993 iwwert de Secteur financier bäikommen, deen déi Verantwortlech vun de Kredittetablissementer bestrooft, déi a bestëmmte Fäll um Plang vum Faux-monnyage hiren obligate Verpflichtungen net nokommen. Bei där Geleeënheet ass och an der Commission juridique d'Diskussioun iwwert d'Problematik vun der Responsabilité pénale vun de Personnes morales opkomm, eng komplex Matière, déi deemnächst, seet de Justizminister, op de Métier geholl gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dësse Projet de loi schaaft déi néideg Viraussetzung fir den neien Euro, besonnesch, an aner Mënze virum Faux-monnyage ze schützen an d'Délinquanten, an dësem Beräich, gehéiereg ze strofen.

Dësse Projet de loi fënnt och den Accord vun der Sozialistescher Fraktioun.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Xavier Bettel agedroen. Den Här Bettel huet d'Wuert.

M. Xavier Bettel (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt fir d'éischt dem Rapporteur, dem Här Santer, merci soe fir säin excellente mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Dee Gesetzesprojet, dee mir haut stëmmen, ass e wichtegen Deel vun enger ganzer Rei Moossnamen, déi mir am Zesummenhang mat der Aféierung vum Euro mussen huelen. Den Euro ass e grouss Changeement. Et besteet e klere Risque, dass e puer Zorte Kriminalitéit kéinten zouhuelen. D'Öffentlechkeet ass nach net esou vertraut mat deenen neie Suen a ka relativ liicht op Falschgeld erafalen.

Op der anerer Säit leeft deene Kriminellen, déi op alem Falschgeld setzen, d'Zäit dovun. Si mussen hiren ale Stocke lass gi bis déi al europäesch Devisen definitiv hire Wäert verléieren.

Och mussen iwwert deenen nächste puer Méint vill Euroen an d'Zirculatioun bruecht ginn. Hei ass och de Risque vun Hold-upe grouss.

Am Virfeld vum Euro goufen eng ganz Rei vu Moossnamen geholl. Sou ass d'Police e Sécherheitspartenariat mat de Banken, de Convoyeurs de fonds an de Commercen agaangen. D'Police huet och de Sécherheitskonzept mat eiser Zentralbank, der Arméi, der Douane a mat Europol ausgeschafft.

En éischte wichtige Volet war d'Formatioun wou eis Police op den Euro an op d'Risiko vu Falschgeld a Gaunerie virbereet gouf. E Pool vu Spezialisten ass ausgebild ginn an esouguer Formatiounen fir Externer si proposéiert ginn.

Um Terrain goufen eng ganz Rei Moossnamen ergraff, fir d'Sécherheet vum Transport vum Euro ze garantéieren. Fir d'éischt ass do emol déi verstärkte Policepresenz mat méi Patrullen ervirgestrichen. Eis Police kann elo zum Beispill op den Helikopter zréckgräifen a gouf och schonns besser équipéiert mat gepanzerte Ween a Panzerwesten. Och d'Arméi bréngt hei der Police logistesche Ënnerstëtzung. Da goufen och d'Kontrollen op eise Grenze verstärkt a Kollaboratioun mat den Douanieren an d'Schengener Ofkommen zäitweilg ausser Kraaft gesat.

Mä och um juristesche Plang muss den Terrain fir den Euro preparéiert ginn. Dësse Projet de loi soll genau dat erreechen. Hei kann net all Memberstat eenzel den Euro schützen, vu dass dës Devisen och kann ausserhalb vun den nationale Grenzen ermëttert ginn. Hei war also eng Koordinatioun tëschent de Memberstate néideg.

Am Mee 2000 gouf op europäeschem Niveau vum Conseil de Justice et d'Affaires Intérieures eng wichteg Décision-cadre geholl. D'Objektiv war duerch verstärkte Penal an aner Sanktiounen d'Fälschung vun Euroen ze verhënneren.

D'EU-Memberstate ginn invitéiert, esou séier wéi méiglech déi international Konventioun fir d'Représentatioun vum Faux-monnyage, déi 1929 vun der Société des Nations ënnerschriwwen gouf, ze ratifizéieren. Lëtzebuerg ass den eenzegen EU-Member, deen dës Konventioun nach net ratifizéiert hat.

De Projet de loi, dee mir haut solle stëmmen, soll Lëtzebuerg aus der isoléierter juristescher Situatioun bréngen. De Projet adaptéiert also op d'Exigenzen an d'Orientatiounen, déi vum Droit communautaire définéiert goufen.

En zweet Objektiv vum Projet de loi ass et, eng Rei vu veraalten Dispositiounen aus eisem Code Pénal an an eisem Code d'Instruction criminelle fir den Euro ze aktualiséieren. Hei ginn éischters d'Amenden an Euro festgesat. Hei gëtt och nach eng Käier speziell déi Period ofgedeckt, wou déi al europäesch Devisen zwar net méi Cours légal zu Lëtzebuerg hunn, awer nach kënnen ëmgetosch ginn.

De Projet de loi, wéi en hei virläit, dréit de Remarque vum Statsrot an der Banque Centrale Rechnung.

D'Ofstëmmen vun dësem Projet de loi ass dringend an ech gesi kee Grond, géint dësse Projet de loi ze stëmmen.

Une voix.- Ouh? Abee jo!

(Interruptions)

M. Xavier Bettel (DP).- Hei ass e wichtegt Instrument...

(Interruptions)

Une voix.- Här Bettel, loosst lech net ënnerbriechen, maacht roueg virun.

M. Xavier Bettel (DP).- Merci.

(Interruptions)

M. le Président.- Fuert weider, Här Bettel.

(Interruptions)

Déi wëllen lech aus dem Konzept bréngen. Loosst lech net ënnerbriechen.

M. Xavier Bettel (DP).- Jo, mä...

(Hilarité)

Une voix.- Et war scho bal gelongen, Här President!

M. Xavier Bettel (DP).- Ech hunn net méi fir laang, an 30 Sekonne sinn ech fäerdeg.

(Interruptions)

Ech kann awer nach méi laang schwätzen, wann Der et léiwer hutt.

Une voix.- Neen, léiwer net! Léiwer net.

(Interruptions)

Une autre voix.- Et ass halwer siwen.

(Hilarité)

M. Xavier Bettel (DP).- Hei ass e wichtegt Instrument, fir dass mir eis nei Devise, den Euro, effikass kënne schützen. Mat dësem Gesetz huele mir de Retard par rapport zu eisen Nopeschlänner op.

M. le Président.- Fuert dach virun!

M. Xavier Bettel (DP).- Ma hei, si schwätzen déi ganzen Zäit, Här President, hei. Den Här Asselborn an den Här Di Bartolomeo.

(Interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Sidd net esou zickeg!

M. Xavier Bettel (DP).- Ech bréngen heimadder den Accord vun der DP-Fraktioun.

(Interruptions)

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll direkt soen, datt ech kee véierte Rapport wäert virbréngen.

Ech wollt just den Accord vun der ADR-Fraktioun bréngen zu...

(Interruptions)

...deem Projet de loi, dee virläit. Ech wollt awer och soen, datt an der praktescher Ausféierung dee Kriminelle sech haut wäert d'Fro stellen, a wat fir engem Land et manner geféierlech ass fir hien, fir Faux-monnayage ze maachen, well mer queesch duerch Europa verschidde Strofen nach wäerte bäibehalen. Et muss ee kucken, an ech hoffen, datt, wa mer dës Direktiv an allen europäesche Länner ëmgesat hunn, mir da relativ héich an de Strofe leien, esou datt mer net e Point d'attrait ginn, dee mer ons kéinten erspuren.

Dat gesot, nach eng Kéier: Den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. le Président.- D'Mme Renée Wagener huet nach d'Wuert gefrot. Jo, Mme Wagener.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här President, mir stëmmen dee Projet.

Plusieurs voix.- Ah! Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Budgetsminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären.

Ech wollt d'Wuert am Fong als Justizminister huelen, Här President, wann Der erlaabt, fir ze soen, datt d'Bekämpfung vun der Kriminalitéit, och am Kontext vun der Aféierung vun enger neier Währung, e wichtige Projet ass.

En ass hei ausgiebig erläutert ginn op eng professionell Aart a Weis vum Här Patrick Santer, deem ech heifir merci soen, a bei esou vill Zoustëmmung, mengen ech, kann d'Regierung nëmme merci soen, fir datt dëse Projet, deem hei eng grouss Majoritéit war, eng Eestëmmegkeet fënnt.

6. Dépôt d'un projet de loi

Well ech awer d'Wuert hunn, Här President, géing ech mer just erlaaben, en Dépôt nach vun engem Projet de loi ze maachen, een, deem d'Chamber besonnesch dierft interesséieren.

Et ass nämlech de

- *Projet de loi 4889 réglementant le repérage de télécommunications et portant modification du Code d'Instruction Criminelle.*

Ech déposéieren deem hei an der Chamber, obschonns dass ech gesot hunn, virun e puer Wochen, datt ech der Meenung sinn, datt ee besser hätt sech dat intensiv ze iwwerleeën.

D'Regierung huet de 7. Dezember, ech ënnersträichen deem Datum, deem ass wichteg, dëse Projet nach eng Kéier ugekuckt. Dat ass dee Projet, deem den Här Asselborn hei an der Chamber als eng Fatz betitelt hat.

(Interruptions)

E Wësch!

Ech wëll nach eng Kéier soen...

(Interruptions)

E Wësch. Ech wëll soen, datt d'Regierung Kenntnis dovun hat, datt dat hei e Projet ass, deem a ville Woche vun enger ganzer Rei vu Beamte mat mir zesummen ausgeschafft ginn ass, an datt déi eenzeg Ursaach, firwat mer en net weiderginn haten, déi war, datt mer eis dat wollt grëndlech iwwerleeën, och no den Evénementer vum 11. September.